N°8135
Entrée le 10.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.07.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi Bannenzeg Sécherheet an un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

Et ass a ville modernen demokratesche Gesellschaften Usus ginn, datt och Membere vun der Force publique (Arméi a Police) mat a Wale ginn. Dobäi ass wichteg, datt garantéiert bleift, datt si am Kader vun hire berufflleche Fonctiounen eng politesch, philosophesch a reliéis Neutralitéit observéieren, esou wéi dat och an deene pertinente Gesetzer a Reglementer festgehalen ass.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng legal Dispositioune reegelen hei am Land déi politesch Rechter vun de Membere vun der Force publique?
2. Ass séchergestallt, datt déi Beamten, déi an hirer Fräizäit e politeschen Engagement weisen, doduerch keng beruflech Nodeeler ze fäerten hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten